Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 25. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Energieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg erreecht seng Klimaziler reegelméisseg doduerch, datt mir CO2-Zertifikater am Ausland akafen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi héich den Undeel un CO2-Emissioune war dee Lëtzebuerg säit 2015 all Joers am Ausland kompenséiert huet a wéi een entspriechende Montant duerfir jeeweils huet missen opbruecht ginn? Kann d'Regierung an deem Zesummenhang preziséieren, ënnert wéi engem Budgetsartikel déi eenzel Beträg gefloss sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten